



INFORMATIIONS-  
ZOUANG  
ELO!



Lëtzebuerg, den 3. Mee 2021

## **Internationalen Dag vun der Pressefräiheet** **Breed Bündnis fuerdert Informatiounszougang fir** **Journalist/innen**

Här Staats- a Medieminister,

*„Sidd Dir en Deel vum Problem oder vun der Léisung?“ ...*

... ass e beléiften Sproch vun Iech, Här Staats- a Medieminister, fir Bierger/innen ze ermonteren, fir d’sanitär Schutzmesuren géint Covid-19 anzehalen. Bal keng Pressekonferenz vun Iech, ouni dëse Slogan.

Och mir froen eis, ob Dir en Deel vum Problem oder awer vun der Léisung wellt sinn.

Als Medieminister leit et un Iech, fir endlech eiser Fuerderung vun engem gesetzlech verankerten Informatiounszougangsrecht fir Journalist/innen nozekommen, esou wéi dat och am Koalitiounsvertrag virgesi war.

Zur Erënnerung: D’Journalist/innen fuerderen dëst Recht schonn zanter de Berodungen ëm d’Meenungsfräiheetsgesetz vun 2004. Deemools goufen mer vum deemolegen Premier Jean-Claude Juncker vertréischt. Wéi dat Pressegesetz

**2010** iwwerschafft gouf, gouf rëm eng Kéier trotz eiser Fuerderung **keen Zougangsrecht fir Journalist/innen** festgeschriwwen.

2013 koum Är Partei, d'DP, mat LSAP an déi Gréng an d'Regierung. Eent vun de Versprieche vum Ärer Koalitioun war et, fir méi Transparenz ze suergen.

Dat ass awer net geschitt. Am Géigendeel! Mir kruten **2015/2016** déi famouse **Circulaire Bettel**, déi den Zougang zu Informatiounen vum den ëffentlechen Verwaltungen nach méi restriktiv reegelt: All (!) Medienufro muss iwwer d'Pressespriecher/in vum jeeweilege Ministère goen. An all Beamt/in, déi mat der Presse schwätzt, brauch een Accord vum Déngschtchef oder der Déngschtcheffin, souguer wann et nëmmen ëm Statistiken geet.

Trotz eiser Kritik, datt dat geplangt **Transparenzgesetz vum 2018** ënner anerem wéinst de laangen Delaien an der Limitéierung op verschrëftlecht Dokumenter fir d'Journalist/innen net brauchbar ass a keen Informatiounszougang am Pressegesetz ersetze kann, huet Är Koalitioun e schlecht Transparenzgesetz op de Wee bruecht an dobäi och Kriticken vum aner NGO'en net berécksiichtegt.

Eng vun engem Jurist **2017** am Optrag vum Presserot ausgeschafften a vun der zoustänneger Chamber-Mediekommissioun gefrote **Proposition de loi** fir een Informatiounszougang am Pressegesetz verschwënnt „auf Nimmerwiedersehen“ an Ärem Tirang.

Am **Koalitiounsaccord 2018** fir déi nei Legislaturperiod steet geschriwwen: L'accès aux informations des différents ministères et administrations est essentiel pour le travail des journalistes. Ainsi, afin de permettre le traitement dans les meilleurs délais des requêtes journalistiques et de garantir les flux d'informations, les moyens nécessaires seront mis en œuvre en étroite collaboration avec le Conseil de presse et les associations professionnelles des journalistes. ». Am Regierungsprogramm e puer Méint méi spéit ass de Passus verschwonnen.

Wéinst der zentralistescher an ontransparenter Virgoensweis vum Ärer Regierung während der **Coronakris** ass eise Gedoldsfuedem elo definitiv gerass:

- Fir wichteg Statistiken ze kréien, huet de Presserot missen intervenéieren,
- Verschidden Expert/Ennen, déi vu Medien sollten interviewt ginn, goufen vum Ministère zeréckgepaff,
- D'Zesummesetzung vum der Cellule de crise gouf eréischt verëffentlecht, wéi d'Oppositionsparteien an de Presserot gemeinsam Drock gemaach hunn.

Déi am Livestream iwwerdroe Pressekonferenzen vum der Regierung sinn zwar elo rëm a voller Längt a mat de Froen (an Äntwerten) vum de Journalist/innen

zougängelech, mä och do huet et eng Interventioun vun  
eiser Journalistevereenegung a vun der Chamber gebraucht.

Eis geet et elo duer a mer froen Iech, Här Medieminister ganz eeschtaft :

### Wëll Dir en Deel vun der Léisung oder vum Problem sinn?

Wann Dir **fir eng Qualitéitspress** sidd, wéi et am Exposé des motifs vun der  
geplangter Reform vun der Pressehëllef steet, dann gëtt eis d'Moyenen, fir eis  
Aarbecht professionell ze maachen an ënnerstëtzt aktiv eis Fuerderung fir  
een Informatiounszougang am Pressegesetz.

Mir hu scho méi laang eng Propose fäerdeg formuléiert. Dir kennt  
Iech bestëmmt nach drun erënneren: Dir hutt déi 2017 kritt ...

